N°8259
Entrée le 24.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/08/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.

An der Fro n°8227 huet den Aarbechtsminister de Prozess hannert der personaliséierter Betreiung vun der ADEM dokumentéiert.
Ënnert anerem seet de Minister:

> *"En Aktiounsplang fir déi Leit déi vun enger intensiver Begleedung profitéiere gëtt der Konventioun bäigefügt. Dëse Plang, dee reegelméisseg à jour gesat gëtt, soll hëllefen d'Hindernisser déi eng professionell Aglidderung verhënneren, opzehiewen. Dësen Aktiounsplang détailléiert all d'Aktiounen déi d'ADEM dem Aarbechtsichenden an deem Sënn proposéiert. [...] D'ADEM suivéiert d'Evolution an d'Fortschrëtter vum Aarbechtsichenden an ajustéiert den Aktiounsplang och gegeebenenfalls."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass dësen Aktiounsplang an seng gegebenfalls Evolutioun zu all Moment fir d'Leit an der Begleedung accessibel?
2. Wéi gesäit esou ee Suivi personnalisé fir Leit mat enger Behënnerung aus, déi op der Adem ageschriwwe sinn? Wat ass den Oflaf? Wéi gëtt dësen dokumentéiert?
3. Sinn an dësem Suivi och all d'Schrëtt dokumentéiert, déi d'Adem fir déi Betraffen ënnerhëlt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten